



Luxembourg, le 12 octobre 2020

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
43, boulevard F.D Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

**Objet : Réponse commune de la ministre de la Santé, Paulette Lenert et du ministre des Sports, Dan Kersch, à la question parlementaire n° 2806 des honorables Députés Carole Hartmann et Claude Lamberty au sujet de tests de dépistage COVID-19 pour les entraîneurs**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse commune à la question parlementaire n°2806.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

**Réponse commune de la ministre de la Santé, Paulette Lenert et du ministre des Sports, Dan Kersch, à la question parlementaire n° 2806 des honorables Députés Carole Hartmann et Claude Lamberty au sujet de tests de dépistage COVID-19 pour les entraîneurs.**

Zanter dem 16. September huet d'Regierung déi 2. Phas vum Large-Scale-Testing lancéiert mam Objektiv, d'Evolutioun vum Virus ze kontrolléieren an dono flexibel reagéieren ze kënnen. D'Phas 2 baséiert op 4 Haapt-Achsen:

1. Dem strukturéierten, kontinuéierlechen Testing vu representativen Échantillone vun der Populatioun. Dëst erlaabt eis d'Situatioun z'iwwerwaachen a méiglech Clusteren z'identifizéieren;
2. Dem cibléierten Testing vu Bevëlkerungs-Gruppen, déi engem speziell héijen Ustiechungsrisiko ausgesat sinn (z.Bsp. Personal aus dem Gesondheets- a Rettungswiesen, der Police an der Arméi);
3. Dem Testing vun den Arrivéeeën an d'Land – Persounen déi an d'Land areesen;
4. Dem ganz geziilten Testing am Fall vun engem lokale Cluster, fir datt de betraffene Grupp vu Leit séier getest an deementspreechend sënnavoll Moossname geholl kënnen ginn.

Dës strukturéiert a cibléiert Virgoensweis ass de beschte Moyen fir d'Infektiounsketten ze brieche an esou och effikass d'Kontakter vun den infizéierte Persounen ze retracéieren. Dëse gratis Test ass op Invitatioun.

Dësweidere kann och all Résident virun oder no enger Auslandsrees ee Gratistest iwwer de guichet.lu ufroen.

Am Fall wou eng Persoun potentiell COVID-19 Symptomer spiert, soll se hiren Hausdokter froe fir een Test verschriwwen ze kréien.

Vu Regierungssäit aus ass et am Moment net virgesinn, präventiv Tester am Sportberäich ze fuerderen. Allgemeng gëllen och am Sportberäich déi üblech "Gestes barrières", déi gesetzlech Bestëmmungen a generell déi sanitär Recommandatioune vun der Direction de la Santé.